PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Gesondheet weiderzeleeden.

D'Omikron-Well huet dozou gefouert, dass eng Rei vun de sanitäre Mesuren an de Schoulen ugepasst goufen. Ënnert anerem musse Kanner, deenen hire Schnelltest an der Schoul positiv ass, elo net nach e PCR-Test maachen, éier si an Isolatioun kommen.

D'Viraussetzung fir e gëltege CovidCheck-Certificat no enger Infektioun ze kréien, bléift zu Lëtzebuerg awer de positive PCR-Test.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass fir d'Zukunft geplangt, deene SchülerInnen, déi e positive Schnelltest an der Schoul gemaach hunn, op Basis vun dësem Test e CovidCheck-Certificat auszestellen? Falls jo: Géifen dës Certificaten vun aneren EU-Länner unerkannt ginn?

2. Wéi goufen d'Elteren doriwwer informéiert, dass si awer zousätzlech zum Schnelltest nach e PCR-Test musse bei hire Kanner maache loossen, falls si wëllen, dass dës no der Erkrankung e CovidCheck-Certificat kréien?
   Wien dréit d'Käschte vun dësem PCR-Test?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député